

EN DAG NOM STONNEPLANG

Ë lëschtegt Spill en engem Opzog.

P e r s o ' n e n

Madame Professor,
Lisy, hirt Dengschtmédchen,
Anna, dém seng Frendin,
Marie, modistin
Matant Amelie.

I. Z é n

Lisy: Wât ass dât fir e Betrieb hei bei ons, t'ass fir fortze-
läfen. Alles gét nô dem Stonneplang. We' ech meng Plâtz hei
bei der Madame Professor ugetratt hun, huet si mer den
Zie'del dô iwerrégt (weist op de gro'sse Stonneplang).
"Lisy", sôt se zu mir, "wât dir besser nô dem Stonneplang
schafft, wât mir besser mat enén fueren." Jo, so' eng Iddi
kann nömmen eng Madame Professor hun, Elo ass et schon
10 Auer 10, da muss dé Klengen seng Fläsch kre'en. Hie'
jeitzt zwar schon eng Stonn, mä wât ass dann. 10 Auer 10
kritt hie'n seng Fläsch an domatt färdeg.

Anna: (könnt eran) Bonjour Lisy, we' gét et?

Lisy: Oh Anna, we' sin ech eso' fro' dass du mech emol besiche
könns, d'Madame ass grad fort. Wârt eng Minut ech muss nach
nô dém Klenge kucken.

II. Z é n

Anna eleng

Anna: Ech sin nawell vierwetzeg, we' d'Lisy et hei gerôden huet
mat senger neier Plâtz. Wât soll et wuel fir de Mötteg
z'ie'sse gin (Hat kuckt an all Döppen) Schwengeflésch, Saure
Kabes a Gromperen.- A wât ass dât elô dann? Ë Stonneplang.
Köstlech! Dât ass wuel eng ganz modern Arichtung fir
d'Dengerschâft. (Hat lie'st)
5 Auer 35 Opstôen - Wât eso' fre'!
6 Auer mat der Arbecht ufänken - Donnerwie'der :
6 Auer 15 Schong wichsen
6 Auer 30 Stuff an d'Reih mâchen
7 Auer d'Feier an der Kichen an am Kannerzemmer ufänken.
7 Auer 10 de Korridor an d'Trâp botzen
7 Auer 30 der Herrschaft klappen an de Kaffisdösch decken.
7 Auer 40 de' 1. Fläsch fir dé Klenge mâchen

| | | | |
|----|------|----|--|
| 7 | Auer | 45 | d'Akóf besuergen bis 8.15 Auer |
| 8 | " | 20 | Holz a Luelen drôen |
| 8 | " | 30 | d'Bad- an d'Schlôfzômmer uerdnen |
| 9 | " | | d'Kannerzômmer uerdnen |
| 9 | " | 20 | d'Kaffisgeschier spullen |
| 9 | " | 40 | d'Kannerlompe wäschen |
| 10 | " | 10 | de' 2. Fläsch fir dé Klänge mâchen |
| 10 | " | 20 | alles prépare'eren fir d'Höttegie'ssen |
| 10 | " | 40 | d'Geme'ss botzen (Lisy könnt eran). |

III. Z é n

- Anna: Oh Mamm, Lisy, wât hun ech elo hei gesinn. Dô brauch ech dech net ze frôen, we' et dir gét. Dé Stonneplang sét mir alles.
- Lisy: 't ass fir fortzelâfen, matt all Minut muss ech rechnen. Wann ech mech nônnen eng Sekund ophâlen; da sinn ech gleich hannendren.
- Anna: A coss, we' ass et mam Lo'n a mam Ie'ssen.
- Lisy: Oh dât ass nawell alles gut, domat kann ech zefridde sin.
- Anna: Ech hun nach e sche'ne Gro'ss fir dech vun denger Mamm. Si hält drop, dass du et we'nigstens e Jâr hei aushältst, fir dass de dann e gut Zeugnis kriss.
- Lisy: Et ganzt Jâr schaffen nô dem Stonneplang, wie'n hält dât aus?
- Anna: Ass den Här Professor dann och fir dé Quatsch?
- Lisy: Oh nén, den Här Professor sét, de Stonneplang gehe'ert an d'Scho'l.
(Et schellt) Wârt e beschen Anna, ech komme gleich erôm (ôf)
- Anna: Arent Kand, so' e programme'ssegt Lie'wen könnt ech net aushâlen (Lisy könnt mam Marie eran) Ah, kuck elei d'Modist! Stét sie och op dem Program? (Hält hir de . lang virun d'Aen)
- Marie: Weg mat dén Wösch! Dé kennen ech schon. Wann d'Kâtze fort sin, da sin d'Meis méschter. Sie wollt sech en Hut hei auswie'len, oh, da kommen ech eng âner Ke'er erôm.
- Anna: Löss eis dach dein Hofert kucken:
- Marie: (mécht d'Köscht op, de' et mat) Et sin elauter Modellhitt.
(Lisy an d'Anna probe'eren d'Hitt op)
- Anna: Wât kascht dén elei?
- Lisy: O Mamm, wât eppes!
- Marie: Ech wie'le mir e Blôen, dât gét mir an beschten.
- Lisy: An ech hâlen dén elei.
- Marie: Da bezuelt wann ech gelifft dir Herrschaften.
- Anna: Mir sin vun "Habenichts".

Marie: O da sammelen ech meng siewe Sâchen erôm zesummen an ech gin (Pâkt ân).

Anna: Wârt ech gin och elo gleich mat, ech hu mech schon ze lâng opgehâlen.

Lisy: An ech dann? - O Mamma, o Kanner, wo' ass mei Stonneplang? (Hôlt en) 10 Auer 20 Geme'ss botzen. We' hun ech mech elo eso' lâng opgehâl a verspe't mat onsen ville Geschwätz. Wât soll ech nôme mâchen, wât fânken ech un. Git mer e Rôt, helleft mer: (d'Lisy sengt nô der Weiss "Es klappert die Mühle")
Den Zeiger réckt o'ni Erbârme virun, tick, tack,
A grinsend hei kuckt mech de Stonneplang un, t.t.
Ech hu mech verspe't, elo ass et geschitt,
d'Madame Professor de' gôt mir eng Britt,
tick, tack, tick, tack, tick, tack.

Anna a Marie sangen:

Oh Lischen, meng Modchen, mir sin et an d'Schold, t.t.
Du kanns op eis zie'len, mir hellefe schon, t.t.
Mir récken den Zâr op eng Stönnchen zeréck,
Dât brauch net vill Me' an och guer ké Geschéck
tick-tack, tick-tack, tick-tack.

Lisy: (séngt eleng) (Die âner récken den Zâr)

Oh merci, meng Kanner, well sin ech ganz fro', t.t.
Könnt dann d'Madame erôm, da soen ech eso', t.t.
Madame, kuckt d'Auer stömmt genau mat dem Plang,
Wât hei drop stét ass gemâcht scho lâng,
tick-tack, tick-tack, tick-tack.

Allen drei sangen:

Ass sie och eng gebildet, raffine'erte Frâ, t.t.
Et kann ân och drécken de' gescheitest op d'A, t.t.
Ass si och etlech môl granzeg am Dô,
Da récken ech einfach den Zâr e bössen nô,
tick-tack, tick-tack, tick-tack.

Lisy: De' Iddi ass gro'ssarteg, ech soen ie'ch villnôl merci.
Haut den Owend récken ech d'Auer einfach erôm eng Stonn vir,
an da stömmt d'Sâch - oder vleicht och net.

Marie: Dén Automat fonctione'ert gro'ssarteg.

Anna zum Lisy: Mâch dass du awer elo och net vergöss d'Auer an der
Stuff eng Stonn zeréck ze dre'en, soss leis de dran.

Marie: Addi, a vill Gléck:

Lisy: Arvoir, bis e Sonndegnômetteg, da soen ech ie'ch, ob de'
Auerréckerei entdeckt gin ass.

Marie: O hie'w keng Angscht, et wârt sech schons mâchen.

(Marie an Anna ôf)

IV. Z é n

Lisy: Et wârt sech schons mâchen, lôsse mer emol ôfwârden. Also
elo ass et erôm 10 Auer 40 gin, da gött Geme'ss gebotzt
(et schallt) schon erôm en Openthalt: Et könnt ân âwer
wierklech net virun mat senger Arbecht (gét aus, könnt âwer

gleich eröim mat engem Telegramm an der Hand) En Telegramm
 vu Bre'ssel. Dât wärt wuel de' âl Mattant sin, de' se er-
 wârden. A we' et schengt mengt d'Madame nach eng gro'ss
 Ierwschâft dô ze mâchen, well se alt schon durchblöcke ge-
 löss huet (lauschtet) Oh, ech he'eren d'Madame kommen.
 Also: "10 Auer 40 Geme'ss botzen." (d'schie'lt Gromperen)

V. Z é n
 (d'Lisy an Mme Professor)

Madame: Wâr neischt Appârtés de Muergen?

Lisy: Oh, dach Madame, allerhand.

Madame: An dât wâr?

Lisy: Mâ de Kuelemann war kornn.

Madame: Ah jo; ech hâte bestallt, Hut dir em gleich d'Kellerfönster
 opgemâcht?

Lisy: Ech, nén, ech hun e fortgeschéckt.

Madame: A wât erlâbt dir ie'ch.

Lisy: Mâ Madame ech hun op de Stonneplang gekuckt, an dât stét
 wierklech nôt drop.

Madame: Si dir da verréckt?

Lisy: Ech - de Kuelemann huet och eso' zu mir gesôt, mâ ech hu
 mech dach nôm Stonneplang gerîcht.

Madame: (iergerlech) Da könnt der elo eröim eng Ke'er dohinner goen
 an se eröim bestellen, 't ass âwer fir sech do't ze iergeren.

Lisy: d'Madame Gerson hât d'Médche mat enger Köscht heihinner
 geschéckt, ech mengen 't wâren Hitt dran.

Madame: Da gin ech se elo gleich opnie'ssen. (Kuckt dann nach an
 d'Döppen op der Kachmaschin) Dât Schwengeflésch ass jo vill
 ze vill fett, an eso' vill Schanken. An dofir kann én sein
 deiert Geld eraus gin. Wivill Er hut der kritt?

Lisy: 11 Stéck.

Madame: Sollen se dann och frösch sin. - We' sin se eso' kleng.

Lisy: Wann ech schon em 8,15 Auer eröim hei muss sin, da kann ech
 nôt a wivill Geschâfter lâfen, nô dénen decksten Er kucken.
 An iwerhâpt soll én hautdesdâgs nôme fro' sin, wann én
 iwerhâpt Er kritt.

Madame: Hâl stöll! d'fleisst én sech; da gét schon alles.

Lisy: Madame, 't ass och nach én Telegramm kornn (get en ôf)
 (d'Madame lie'sst)

Madame: Ah, d'Mattant Amelie könnt haut schon, öm 11 Auer 50 an elo
 ass et ere'scht 10 Auer 50, da gét et jo nach duer. Ech

brauch nönnen 10 Minutten bis op d'Gare (d'Lisy erschreckt)
Sô, Lisy, ass d'Frie'menzömmen an der Rei?

Lisy: Jô Madame.

Madame: Da stellt e bouquet Blumen dran, an da git der op d'Ie'ssen uecht, an dir versuergt dé Klengen. Ech hu jo elo nach 50 Minutten Zeit, dan kann ech de' Hitt nach oprôssen.

Lisy: Madame, 't ass âwer Zeit fir op d'Gare.

Madame: Wu sit der dann drun, den Zug könnt jo ere'scht öm 11,50 un.

Lisy: (ganz verléen) Ma d'Auer gét vleicht nô.....

Madame: Ons Aueren gin ömmer pünktlech.

Lisy: (ömmen mé' ängstlech) Madame, 't könnt âwer émol virkommen dass d'Aueren.....

Madame: Wât fehlt ie'ch nönnen?

Lisy: Ech sin drun, d'Auer geht eng Stonn nô, Madame.

Madame: (verwonnert) Wât wöllt der dach hömmen.

Lisy: Wann den Zug -- me' fre' könnt, da steht de' Dame ganz eleng op der Gare.

Madame: Wât eng, lächerlech!

Lisy: Madame gitt dach, - d'Auer, - d'Auer - geht wirklech eng Stonn nô ('t schellt - Lisy ôf).

Madame: Wât soll d'Médchen nönnen hun? Soll et eng gesticht hun?

(d'Matant könnt mam Lisy eran)

VI. Z é n

D'Madame, d'Matant, d'Lisy.

Madame: O Matant bass du schons hei?

Matant: (necht e Fanger) O Aline!

Madame: O Matant verzeiht mer (wöllt se küssen, d'Matant wiert mat den Hänn ôf) Du könns jo eng Stonn me' fre': Ech wollt elo grad op d'Gare kommen. Wie'n huet dir da gehollef aus dem Zug steigen?

Matant: (beleidëgt) Lo brauchst du dech net eso' matlédeg ze mâchen, ech fure schons erôm mat dém nächsten Zug fort.

Madame: Komm mat an d'Stuff, Matant !

Matant: Dass net der Me' wert, ech gin erôm.

Madame: Ech wéss net we' dât gung, dass ech mech verspe't hun. Wie'n huet dir dann an den Tram gehollef.

- Matant: (be'ss) Ké Mönch. Ganz eleng, an o'ni Höllef le'sst du deng ârem Matant sech erôm schlôen.- An elo soll d'Médchen mir meng valise erôm gleich op d'Gare droen - ech fueren erôm direkt fort.
- Madame: O Matant, da verzeih mer dach.
- Lisy: (Könnt kreischend heihinn) Ech si schold, ech eleng!
- Madame an d'Matant: Dir?
- Lisy: Jo, ech hun - d'Auer eng Stonn zréck gedre't.
- Madame: Si dir da geckeg?
- Lisy: Ech net, âwer de - de - Stonneplang. Ech hât mech elo e'neschter ze lîng mat menger Fröndin önnerhâl, an dun a menger Ängscht hun ech.....
- Madame: An dir hut ie'ch dât erkingt?
- Matant: Aline, nach ömmer dé Stonneplang! We' oft hun ech dir schons gesôt, dén dâgt neischt fir an d'Kichen.
- Lisy: Oh, 't ass mir eso' schrecklech bâng, muss ech fortgoen? (kreischt)
- Matant: An dir ble'wt sicher nach gier?
- Lisy: O jo, wann nômmen dé Stonneplang nôt wier!
- Matant: Verzeih öm, Aline !
- Madame: Wanns du mir och verzeihst, Matant ?
- Matant: Jo, âwer önner enger Bedingung: schenk mir de Stonneplang.
- Madame: Wanns du et eso' wölls hun, da muss ech wuel. (d'Madame göt de Plang, d'Matant rullt en zesummen a stecht en an d'Poch)
- Lisy: Dé könnt net me' erôm, Gott sei Dank! Dârf ech elo hei bleiwen? Verzeiht mir, Madame !
- Matant: Dir wârd och o'ni Stonneplang gewössenhaft schaffen an nôt stonnelîng mat Fröndinne spröchen. Versprie'cht dit dât?
- Lisy: Jô, dât versprie'chen ech - an d'Auer wârd ech senger Lie'wen net me' zeréck dre'en.
- Matant: 't ass gutt. Komm Aline, fe'er mech op meng Zömmen, ech si schrecklech mit.
- Madame: Komm; meng gutt Matântchen, a mâch dir et commo'd : (De' zwé ôf)
- Lisy: (sengt)

I.

E schlömme Gesell huet rege'ert eist Haus, tick, tack,
 A gejôt de Fridden an d'Ro' dran erâus, Tick, Tack
 Elo sin ech erle'st vun dém dréckende Lâscht

